Organisation
des Nations Unies
pour l'éducation,
la science et la culture

Commission luxembourgeoise
pour la coopération
avec l'UNESCO

Lëtzebuerg, de 17. August 2021

# PRESSEMATDEELUNG ZU LÉIFFRAWËSCHDAG (15. AUGUST)

D'Lëtzebuerger Kommissioun fir d'Zesummenaarbecht mat der UNESCO géif gär folgend Prezisioune ginn zu deenen zum Deel nët ganz zoutreffenden oder onvollstännegen Informatiounen, déi um Virowend vum Léiffrawëschdag (Mariä Himmelfaart, de 15. August) an der Lëtzebuerger Press veréffentlecht goufen.

Déi schéin traditionell Gebräich ronderëm dësen Dag gehéieren net zum „UNESCO- Weltkulturierwen", stinn awer säit dem 20. Oktober 2020 op dem nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe vu Lëtzebuerg. Et gi fir de Moment keng Bestriewungen fir eng international Unerkennung duerch d'UNESCO vu Léiffrawëschdag.

Fir dass eng Traditioun, e Wëssensschatz oder eng fachlech Kompetenz op d'UNESCO Representativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opgeholl ka ginn, mussen se fir d'éischt op engem nationalen Inventar stoen. Fir dass se kënnen op dësen Inventar opgeholl ginn, muss déi Traditioun, de Wëssensschatz oder déi fachlech Kompetenz duerch eng aktiv Trägergemeinschaft um Liewe gehale ginn, wéi dat fir Léiffrawëschdag op eng flott Art a Weis de Fall ass, a wéi mer jo och an de Medien ëmmer erëm nees kënne gesinn.

Op dem nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe vu Lëtzebuerg sti bis elo d'Iechternacher Sprangprëssessioun, d'Éimaischen, d'Muttergottesoktav, d'Schueberfouer an hiren Hämmelsmarsch, Niklosdag, d'Konscht vun den Haupeschbléiser, d'Technik vum Dréchemauerbauen, d'Hiewanskonscht, d'Lëtzebuerger Haus- a Flouernimm, d'Lëtzebuerger Volleksdänz an de Brauchtëm ronderëm Léiffrawëschdag, esou wéi och d'Wanderschéiferei.

Op der UNESCO Representativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet stinn momentan, wat Lëtzebuerg ubelaangt, säit 2010 d'Iechternacher Sprangprëssessioun a säit 2020 d'Konscht vun den Haupeschbléiser, no enger multinationaler Kandidatur mat Frankräich, Belgien an Italien. Lëtzebuerg bedeelegt sech am Moment u multinationale Vierbereedungen fir dTechnik vum der Dréchemauer, d'Wanderschéiferei an d'Hiewanskonscht op d'Representativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet ophuelen ze loossen.

Weider Informatiounen: www.iki.lu